

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2021

P2 4897



MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- den Unterrechtsministère a senger « Communication aux établissements d'enseignement musical dans le secteur communal » vum 8. September 2021 schreift, datt d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule während de Coursen och weiderhin ee Mondschutz mussen unhunn an d'Distanzreegele mussen anhalen, wa méi wéi zéng Persounen am Sall sinn;
- an alle Schoule vum Fundamental a Lycéeën dës duebel Obligatioun fir d'Schüler a fir d'Léierpersonal zënter der Rentrée opgehewen ass, onofhängeg vun der Zuel vun de Persounen am Klassesall;

ass sech bewusst, datt

- déi kommunal Museksschoulen duerch dës inkoherent Reglementatioun onfair behandelt ginn an dru gehënnert ginn, normal ze fonctionéieren;
- et kee rationale Grond gëtt, d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule méi strenge Restriktiounen ze ënnerwerfe wéi d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fundamental a vun de Lycéeën;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Corona-Moosnamen, déi fir d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fundamental a vun de Lycéeën gëllen, och op d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoulen auszedeenen.